# Geburtsdagsfeier an der Geenzebléi zu Wolz

26 Bewunner gouffen gefeiert



**Wolz.** All dräi Méint organiséiert d'Amicale eng Geburtsdagsfeier an der Geenzebléi zu Wolz. De 5. Juli goufe 26 Bewunner geéiert, déi am Mount Abrëll, Mee a Juni Geburtsdag haten. Bei der Begréissung war de President Huet Jing frou, datt sou vill Bewunner der Invitatioun nokomm si fir dës Féier, speziell wou wärend der Pandemie sou Fester just mat de Geéierte gefeiert hu misse ginn. D'Direktioun vum Servior war duerch d'Madame Plawny an d'Madame Muller vertrueden. Och de Patrick Comes, dee vun der Gemeng vertruede war, huet e puer Wierder un déi Geéiert geriicht. All hunn beim „Happy Birthday“ matgesongen an duerno kruten déi 26 Geéiert ee Kaddo vun hirer Amicale. Fir den Duscht an Honger esou wéi mat flotter Musek aus der aler Zäit war och gesuergt. An wéi ëmmer zum Schluss ass de Geburtsdagskuch mat Kaffi vun de Memberen aus der Amicale zesumme mam Personal vu Servior zerwéiert ginn. Bewunner ware ganz dankbar fir déi schéi Geburtsdagsfeier a goufe fir de 5. August op ee Grillfest zesumme mat hire Famillje vun der Amicale invitéiert.

*Jean-Paul Huet*
*via mywort*